## Mam Vëlo ënnerwee...

**Um "Rhein-Radweg" vu Mainz bis op Bonn**
**23. - 25. Juni 2006**
Et war ee superflotte Weekend.

D'Wieder war herrlech, genee sou wéi ee lëtzebuerger Sproch seet: "Et huet een dat Wieder wat ee verdéngt huet". No e puer langweilege Kilometer duerch d'Industriezon koume mir endlech op de richtege Vëloswee. Iwwert schéi Landweeër mat Geescht- Weess- a Gromperefelder, Bongerten a Schrebergäert, krute mir endlech de Rhäin ze gesinn. Géint halwer siwe si mir gutt zu Bacharach ukomm.

Bacharach ass eng wonnerschéin Uertschaft, mat hire Fachwierkhaiser a klenge Stroossen. No engem gudde Nuechtiesse si mer nach an d'Duerf getrëppelt, mä et war näischt lass, d'Leit souze sécher all beim Fussball. Bei der Besichtigung vun engem schéine Bannenhaff vun engem Fachwierkhaus hunn 8 Männer aus dem Saarland eis spontan a ganz „a cappella" ee private Concert gesongen. Et war wonnerschéin.

Deen aneren Dag nom Kaffi, gestäerkt a gutt gelaunt, sinn e puer Leit mat op d'Buerg Stahleck gaangen. D'Vue op de Rhäin an d'Emgéigend war super. Et hat sech gelount déi vill Trapen eropzegoen.

Um 10 Auer: Rassemblement virum Hôtel. Jiddereen ass gutt drop. Et versprécht ee wonnerschéinen Dag ze ginn. Mir kommen duerch Oberwesel, St. Goar, Uertschaften déi sécher 3 Stäre verdéngt hunn, wéi Bacharach iwwrigens och.

De Rhäin hat Gott sei Dank keen Héichwaasser méi. D'Waasser war sou wäit zréckgaang, dass mir souguer Mini-Plage voll Muschelen erbléckse konnten. D'Danielle war sou erstaunt iwwert déi Abberzuel vu Muschelen, déi vu wäitem ausgesinn hu wéi Steng, dass hatt stante pede eng Vollbremsung gemach huet a matten op der Pist stoe blouf. Zum Ongléck koum d'Paule grad hannendrun, a schon huet et gescheppert. Et ass Gott sei Dank kengem Mënsch eppes geschitt, dem Danielle säi Vëlo hat blouss eng gehéireg Aachtchen.

Mir ware just 600 m viru Boppard, wou glécklecherweis ee Vëlosbuttek war. Well d'Reparatur awer méi deier gi wär wéi deen ale Vëlo nach wäert war, koum hatt eng Stonn méi spéit mat engem neie Vëlo aus dem Buttek. Dee neie Vëlo ass bewonnert ginn, an all Mensch war begeeschtert.

Lo heescht et awer déi verlueren Zäit erëm ophuelen. Eist Ziel ass den Däitschen Eck zu Koblenz, dee ganz bekannt ass fir säin Zesummefloss vu Rhäin a Musel. Mir kruten en awer leider net ze gesinn. Hie war nämlech verbarrikadéiert mat engem groussen Ecran virum Keeser Wëllem fir de Match Däitschland géint Schweden ze kucken. Et war bal onméiglech mat de Vëloen duerch d'Leit ze kommen. E bëssen enttäuscht hu mir décidéiert trotzdem eng Halt ze maachen an ee gudde Patt op eng Terrass drénken ze goen.

Mir hunn eis net gehetzt, alles genoss wat ze genéisse war, d'Natur, dat schéint Wieder a natierlech och de Patt. Mir hunn eis alleguer gutt zesumme verstan an d'Ambiance war ganz relax.

Zu Kaltenengers hu mir geschlof. Owes souze mir bis 11 Auer op der Terrass, et huet een einfach vun deem gudde Wieder profitéiert.

Sonndes geet et scho géint 9 Auer lass, well mir däerfe géint 16.30 Auer den Zuch zu Bonn net verpassen. Alles schéngt normal ze lafen. Ausser e bësse Kopp-Aasch, Réckwéi, gepickt, ware mir gutt an der Zäit bis … dem Jos säi Pneu geplatzt ass, an och nach deen hënneschten. Dräi Mann hunn an der praller Sonn dru gefléckt an d'Zäit ass vergaang. Et wär jo och bal langweileg gi wa guer näischt ausser der Rei geschitt wär.

Et war esou schmeier, den Himmel ass lues a lues zougaang an een Donnerwieder huet sech ugekënnegt. Mä „Ende gut alles gut", mir koumen nach dréchen an zur Zäit op eisen Zuch.

Lilibet